

CSV
GEMENG FRÉISENG

# OP DE PUNKT.

Juli 2025

## CSV-MOTIOUN ZUR SCHAFUNG VUN ENGEM PARTIZIPATIVE BUDGET EESTËMMEG UGEHOLL

Am Gemengerot vum 25. September 2024 hat d'CSV Fréiseng eng Motioun eragereecht, fir e partizipative Budget am globale Budget fir d'Joer 2025 virzegesinn. Hei hunn d'Awunner an d'Associatiounen aus eiser Gemeng d'Méiglechkeet fir hir eege Projeten eranzereechen an déi Projeten, déi se gäre realiséiert kréien, och duerno kënnen ze wielen. Verschidde Gemengen am Land, wéi z.B. Réiser oder Diddeleng, hunn och schonns esou e partizipative Budget agefouert. Zil ass et d'Bierger méi un den Entscheedungen deelhuelen ze loossen an et hinnen ze erméiglechen, hir eegen Iddien, déi fir d'Zesummeliewen an eiser Gemeng sënnvoll sinn, matzedeelen.

Déi vun der CSV virgeschloe Motioun, mat engem Budget vun 100.000€, gouf vun den anere Parteien am Gemengerot begréisst an dowéinst och eestëmmeg ugeholl.

Déi genau Modalitéite mussen nach vum Schäfferot mat den zoustännege Servicer festgehale ginn. Am Budget 2025 sinn dofir op alle Fall schonns 100.000€ ageplangt.



## EN NEIE CENTRE CULTUREL ET SPORTIF FIR HELLENG

Den aktuelle Centre Culturel et Sportif zu Helleng, an den 1980er Jore gebaut, huet seng beschten Zäiten hannert sech. Den Zant vun der Zäit huet seng Spueren hannerlooss, sou dass all Joer erëm Reparaturen ustinn. Och am Budget 2025 huet de Schäfferot, nodeems en 2024 schonns 75.000€ fir d'Renovatioun vum Dach virgesinn hat, weider 125.000€ ageplangt.

Amplaz all Joer deier Reparaturen ze maachen ass d'CSV Fréiseng dofir, en neie Centre Culturel et Sportif zu Helleng ze bauen. Dëse Projet soll am Zesummespill mat de Veräiner an Awunner vun Helleng ëmgesat ginn, fir hire konkrete Besoine Rechnung ze droen. Dëst Gebai soll dann och energeetesch dem aktuelle Stand entspriechen.



# EIS MOBILITÉIT ASS FESTGEFUER ODER “ES FÄHRT EIN BUS NACH NIRGENDWO”

De Schäfferot setzt sech weeder fir en adequaten Ausbau vun de Vëlospisten nach fir eng uerdentlech Ubannung un den ëffentleche Verkéier an. Zwee Punkten déi d’CSV um Walprogramm hat.

Sou feelen nach ëmmer komplett vum Stroossennetz getrennte Vëlospisten tëschent eisen dräi Dierfer. Och feelt eng komplett Ubannung Richtung Westen un d’Vëlospistenetz Diddeleng – Krokelshaff – Beetebuerg wou ee kéint d’Gare zu Beetebuerg an Esch/Uelzecht erreechen. Richtung Norde feelt och eng komplett Infrastruktur a Richtung Réiserbann an Hesper. Domat wieren dann déi national Ballungsgebidder erreechbar.

Wat den ëffentleche Verkéier ugeet do sinn Uespelt a Fréiseng relativ gutt ugebonne mat den RGTR Linne vun der Achs Réimech – Munneref – Lëtzebuerg, mee Helleng ass déi eenzeg Uertschaft ausser Obeler (< 200 Awunner) am Ëmkrees vun 20km ouni direkt Buslinn an d’Stad. Ass dat nach zäitgeméiss? Kritt een esou d‘Leit op den ëffentlechen Transport? Déi Hellenger mussen zu Beetebuerg oder Fréiseng ëmsteigen. Falls den Zuch/Bus aus der Staat Verspéidung huet, wat leider reegelméisseg de Fall ass, sou verpasst een dann den Anschluss Bus vun der Linn 550 fir op Helleng. Dëst bedeit dann 1 Stonn waarden op den nächste Bus an den “heures creuses” tëschent 9:00 a 16:00! Do war virun der Reform vum RGTR (2016-2022) ëmmerhin een 30-Minuttentakt tëschent Uespelt a Beetebuerg.

Ëmmerhi ginn déi Hellenger net méi komplett am Ree stoe gelooss vu dass zanter puer Méint ee Bushaischen um Arrêt “Bei der Kirch” Richtung Beetebuerg opgeriicht gouf. Flott wier och esou en Haischen op der Säit Richtung Fréiseng gewiescht.

Eng digital Annonce op den Haaptarrêten mat den nächsten Departen a Verspéidungen “en temps réel” esou wéi een dat an anere Gemenge fënnt wier eng flott Opwäertung fir eis Mobilitéit.

Bei Interventioune vun der CSV am Gemengerot verstoppt sech de Schäfferot ëmmer hannert der Ausso dass d’Gemeng do näischt ze soen hätt, an déi komplett Responsabilitéit géif beim Ministère de la Mobilité et des Travaux publics leien.

Der CSV no huet de Schäfferot do awer divers Méiglechkeete fir beim Ministère ze intervenéieren a konstruktiv matzeschaffen. Wou e Wëllen ass, do ass och e Wee.

# ENG SCHEIER FIR 7,85 MILLIOUNEN €

Am Gemengerot vum 25. Mee 2024 hat de Schäfferot dem Gemengerot e Compromis zur Ofstëmmung virgeluecht, fir d'Scheier zu Uespelt vis-à-vis vum Schlass fir 7,85 Milliounen € ze kafen.

Op Nofro wat dann domat géif gemaach ginn, konnt de Schäfferot zu dem Zäitpunkt nëmme vague Undeitunge maachen. Sou sollt de Restaurant verlount an z.B. fir d'Rentnerfeier genotzt ginn. D'Haus, wat am Moment nach verlount ass, soll iergendwa spéider eng Kéier fir sozial Wunnengen ëmgebaut ginn. Och wousst de Schäfferot net, wéi de genauen Zoustand vun de Gebailechkeete wier, wat déi lafend Käschte wieren a wéi vill Suen an Zukunft nach missten doran investéiert ginn.

De Kaf vum Gebai, den net am Koalitiounsprogramm virgesi war, huet missten des Weidere komplett iwwert e Prêt finanzéiert ginn.

D'CSV ass a priori net géint de Kaf vun esou engem Gebai, wann een dann d'Suen huet. Hätte mer als Gemeng déi Suen op der Säit gehat, dann hätt een esou e Projet kéinten ugoen. Sou awer muss elo wärend 30 Joer e Prêt zeréckbezuelt ginn woumat Suen fir aner zukünfteg Projete feelen. Dobäi kënnt, dass u sech eng Kaz am Sak kaf ginn ass an net gewousst ass, wéi vill Suen an Zukunft nach mussen dran investéiert ginn.

Aus deene Grënn huet d'CSV géint de Kaf vun der Scheier zu Uespelt gestëmmt. Mat deene Suen hätt een duerchaus aner, méi sënnvoll an néideg Projete kéinte finanzéiere, sief et am Beräich vum Logement à coût modéré, bei der energeetescher Sanéierung vun de bestoende Gebailechkeeten oder en Vue vun enger Infrastruktur fir betreit Wunne fir eis eeler Matbierger an der Gemeng.

De finalen Acte de vente an den zousätzleche Vote vun engem Prêt vu 16,5 Milliounen € fir ënnert anerem de Finanzement vun der Transaktioun sinn dunn am Gemengerot vum 26. Juni 2024 zur Ofstëmmung komm. Och hei hu mer als CSV aus de grad genannte Grënn souwuel beim Acte wéi och beim Prêt dogéint gestëmmt.



## NEI SPILLPLAZ UM BOURBIERG ZU HELLENG
## LEIDER OUNI BIERGERBEDEELEGUNG

Am Gemengerot vum 24. Abrëll 2024 gouf e Projet fir eng nei Spillplaz zu Helleng um Bourbierg iwwert 350.000€ gestëmmt.

Och wann dat vill Geld ass huet d'CSV de Projet mat gestëmmt, well et eis wichteg ass, dass an de Wunnquartieren an eiser Gemeng esou Gemeinschaftsplaze geschaf ginn. Mir hunn awer bedauert, dass hei erëm e Projet realiséiert soll ginn, ouni am Virfeld mat de concernéierte Leit aus dem Quartier ze schwätzen. Zwar huet eis Gemeng an hirem Aktiounsplang vum neie Pacte Logement 2.0 d'Biergerbedeelegung als ee vun de 7 Haaptpunkte virgesinn an als Beispill och de Reamenagement vun ëffentleche Plaze genannt. An der Praxis wollt de Schäfferot elo awer bei dësem Projet näischt méi dovu wëssen. Sou huet de Buergermeeschter ënnert anerem gemengt, dass bei esou ëffentleche Versammlungen oft den Interêt net ganz grouss wier an en ëmmer e bëssen enttäuscht wier vun der Participatioun vun de Leit.

Mir fannen dat schuet. Am initiale Plang sinn op där Plaz e grousst Spill vir Kanner ënner 6 Joer an eent fir Kanner iwwer 6 Joer virgesinn. Dobäi sollen nach e puer Bänken an e Picknick-Dësch kommen. Déi, déi dat wëssen, sinn d'Leit déi do wunnen. Mir hätten d'Awunner mat agebonne fir gemeinsam eppes auszeschaffen. Leider ass de Schäfferot do anerer Meenung. Oder toleréiert e vläicht keng aner Meenung wéi seng eegen?

## CSV-MOTIOUN FIR ENG "COMMUNE SANS TABAC"
## EESTËMMEG UGEHOLL

An de leschte Statistiken zum Tubakkonsum zu Lëtzebuerg vum Gesondheetsministère gouf festgestallt, dass net nëmme weiderhi 27% vun de Leit am Land fëmmen, mee dass virun allem bei de Jonken tëschent 16 a 24 Joer d'Zuelen erëm an d'Luucht ginn (vu 24% am Joer 2022 op 27% am Joer 2023).

Aus dem Gronn gouf de Mouvement "Génération sans tabac" vun der Fondation Cancer, zesumme mat hire Partner, an d'Liewe geruff mam Zil, dass d'Kanner a Jugendlecher vun haut an engem fëmmfräien Ëmfeld opwuesse kënnen a bis 2040 zu Lëtzebuerg déi éischt Generatioun ouni Tubak lieft.

An dem Kontext hat d'CSV Fréiseng am Gemengerot vum 26. Juni 2024 eng Motioun eragereecht, fir dass eis Gemeng eng "Commune sans tabac" soll ginn. Dës Motioun gouf eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

Mat dem Label weise mir als Gemeng dass mer eis fir d'Rechter vun de Kanner a Jugendlecher asetzen, fir an enger Welt opzewuessen, an där se net mam Tubakkonsum a senge Follge konfrontéiert ginn. Méiglech Moossname sinn z.B. eng besser Signalisatioun an eng Ausweidung vun de Plaze wou Fëmmverbuet ass, Evenementer fir d'Populatioun iwwert den Thema „Génération sans tabac" ze sensibiliséieren oder och nach d'Abannen vun de lokale Veräiner.

☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm ________________ Virnumm ________________________________

Beruff ________________________________________________

Gebuertsdatum __________ Nationalitéit ____________________________

Adress ________________________________________________

PLZ __________________ Uertschaft ______________________________

E-mail ________________ Tel ____________________________________

Den ______ / ______ / 2025

REJOINS-NOUS!
ENGAGE-TOI !

Äntwert un / Répondre : CSV-Generalsekretariat: B.P. 826 — L-2018 Luxembourg